

Communiqué vum Comité de la Conférence vum *Lycée technique pour professions éducatives et sociales* betreffend d'Decisioun vum Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, et Schülerinnen a Schüler mat engem 1ère GSO-Diplom ab der Rentrée 2021-2022 ze erméiglechen, an engem eenzege Schouljoer den Diplom vum Educateur ze kréien

Als Schoulcommunautéit vum *Lycée technique pour professions éducatives et sociales* hu mir net schlecht gestaunt, wou mir dem Här Minister säin neie Projet matgedeelt kruten, deem eise Lycée – alt erëm – direkt betrëfft. Sou sollen ab där nächster Rentrée och Schülerinnen a Schüler, déi op der Sektoun Sciences Sociales (GSO) am Enseignement général hire Premièresdiplom kruten, d'Méiglechkeet hunn, a just engem Schouljoer de Beruff vum Erzéier ze léieren.

Als Schoulcommunautéit vum LTPES si mir immens opbruecht iwwer dem Här Meisch seng Entscheedung an argumentéieren dat folgendermoossen:

D'Grondausbildung vum Erzéier ass säit 1990 mat der Aféierung vum Gesetz (*Loi du 6 août 1990 portant organisation des études éducatives et sociales*) vun 2 op 3 Ausbildungsjoer ausgebaut an d'Ausbildung säitdeem weider reforméiert ginn. Haut muss de Schüler, dee sech am LTPES aschreift, eng 2GED, eng 1GED an dann eng 1+GED (année terminale) absolvéieren. Den erfollegräichen Ofschloss vun der 2GED an 1GED ass domat eng noutwendeg Konditioun, déi hie muss erfëllen, fir eng Année terminale kënnen ze maachen. No dësem leschte Joer ass d'Erzéiergrondausbildung vollstänneg ofgeschloss, an aus dem Schüler gëtt mam Diplôme d'État d'éducateur en ausgebildeten Erzéier, deem um Terrain a ganz ënnerschiddlechen a vilfältege soziale Beräicher schaffe kann.

Déi 3 Ausbildungsjoer bauen openeen op. An deenen éischten 2 Joer gëtt eng zolidd theoretesch Grondlag vermëttelt, gekoppelt u 15 Woche Stage, déi absolut noutwendeg sinn, fir den Transfert vun der Theorie an d'Praxis ze garantéieren. Dernieft erlaben dës 2 Joer dem Schüler awer och, wichteg praktesch Erfarungen ze sammelen.

D'Ofschlossjoer, also d'Terminale, baut op genee dat Wëssen an déi Praxiserfarung op. Sou ass et och am Règlement grand-ducal vum 24. August 2016 betreffend d'Classe terminale am Artikel 1 verankert: „*La classe terminale a comme finalité la qualification professionnelle du futur éducateur et de la future éducatrice [...]. Au centre des enseignements se trouvent la poursuite du développement de leur identité professionnelle et l'assimilation réflexive de leur action professionnelle. Les enseignements se basent sur les compétences acquises au cours des deux premières années des études d'éducateur.*“

Wéi sollen also d'Schüler, déi eng 1GSO ofgeschloss hunn an deenen doduerch dës Bagage felt, elo an engem eenzege Joer déi selwecht Kompetenzen an hir professionell Identitéit entwéckelen a weiderentwéckelen? Op wéi ee Wësse kënnen si sech beruffen, wann ee jo

weess, dass d'Contenuen, déi op deenen 2 Sektioonen (GSO a GED) ënnerriicht ginn, anerer sinn, respektiv dass virun allem aner Finalitéiten ugestriift ginn? Stelle mir hei déi Schüler, déi hir GSO erfollegräich ofgeschloss hunn, net virun eng oniwuerbréckbar Hürd an huelen hinne vun Ufank un all Chance op eng Reussite? Wéi eng Bewäertungskrittäre misst den Enseignant op der Année terminale uwenden, fir souwuel de Schüler vu GED wéi och deene vu GSO gerecht ze ginn?

Wann een d'Erzéierausbildung e bësse méi genee ënnert d'Lupp hält, spréngt engem direkt an d'A, dass dee praktesche Volet hei e ganz grouse Stellewäert huet. Esou mécht den zukünftegen Erzéier all Joer e Stage an engem anere Beräich. Dëst ass alles anescht ewéi een „Schnupperstage“: op 2GED sinn et 9 Wochen, op der 1GED sinn et der 6 an op der Terminale nach eng Kéier 11. Dës Stagen, déi ënnerschiddlech Ziler verfolgegen¹, sinn obligatoresch an zielen zu den Haaptfächer, de „branches fondamentales“, déi een net ka kompenséieren. Do derbäi kënnt, dass de Schüler déi Stagen a verschiddenen Domainer absolvéiert, fir méiglechst vill Erfarungen ze sammelen an esou seng reflektiv, analytesch a praktesch Kompetenzen ze erweideren. Am Artikel 4 vum Règlement grand-ducal vum 24. August 2016 iwwer d'Terminale kann ee liesen: *„Les stages sont axés sur la préparation multidimensionnelle de l'élève à l'exercice de la profession d'éducateur. Ils ont pour objectif le perfectionnement de compétences transversales, d'analyse, de synthèse, d'application et d'intégration de savoirs, savoir-faire et savoir-être dans des situations professionnelles.“* Eng „préparation multidimensionnelle“ kann net an engem Joer stattfannen, wéi dat am Projet vum Ministère virgesinn ass. Wéi soll e Schüler seng sozial, perséinlech a fachlech Kompetenzen erkennen a perfektionéieren, wann e bis dohin nach net d'Méiglechkeet hat, un dës Kompetenzen ze schaffen?

Et ass net méiglech, sech e Bild vun deem polyvalenten an ofwiesslungsräichen Aarbechtsfeld vum Erzéier ze maachen an erauszefannen, ob een dee Beruff zukünfteg ausübe wëll a kann, wann engem déi wichteg Erfarungen an der Praxis feelen. Et kann een net an engem Joer dat nohuelen, wat déi aner a 15 Woche Stage (2GED an 1GED zesummen), verdeelt iwwer 2 Joer, geléiert an u wäertvollen Erfarunge gesammelt hunn. Entsprécht den Erzéierdiplom, deem engem erlaabt, an all Beräich ze schaffen, de reelle Fäegkeete vun deem Schüler, deem nëmmen ee Schouljoer am LTPES war a soumat just een eenzege Stage gemaach huet? Mir sinn der fester Iwwerzeegung: NEEN!

Wann een d'Programmer vun deenen 2 Sektioonen e bësse méi genee analyséiert, kéint een op den éischte Bléck mengen, do géifen et e puer Iwwerschneidungen ginn. Et ass richtig, dass Branchë wéi z. B. Pédagogie, Psychologie oder méi kllassesch Fächer (wéi Sproochen) op deenen 2 Sektioonen enseignéiert ginn. Dëst rechtfertegt awer a kenger Weis dem Här Meisch säin neie Projet. Net nëmme ginn et wesentlech Divergenze betreffend d'Stonnenunzuel an d'Inhalter vun dëse Fächer, mee och fërderen dës aner Kompetenze bei der Schoulpopulatioun. Während d'Sektiooun Sciences Sociales de Schüler éischter op Studien op der Universitéit oder Héichschoul virbereet, bilt den LTPES Erzéier aus. Mir bidden eng Fachausbildung un! An der Erzéierausbildung gëtt Wësse vermëttelt, dat dem Jonken

¹ Op der 2GED: „L'orientation personnelle et l'initiation professionnelle“, op der 1GED: „L'élargissement et l'approfondissement professionnels“ an op der 1+GED: „Le perfectionnement et l'ouverture à la vie professionnelle“

engersäits erlaabt, no der 1GED weider ze studéieren, mee hien anerersäits haauptsächlech op seng Aarbecht um Terrain préparéiert. Den Akzent läit och op der 2GED an 1GED op deene ville praxisorientéierte Fächer, déi z. B. mam Stage a mam Verfaasse vum Memoire zesammenhängen, grad esou wéi op Fächer, an deenen de Schüler op d'Schaffe mat ënnerschiddlechen Adressaten am kënnschtlereschen a psychomotoresche Beräich virbereet gëtt.

Nieft all dësen Hürden an Differenzen an der Ausbildung selwer stelle mir eis prinzipiell d'Fro, wat de Stelleväert vum Beruff vum Erzéier an der Gesellschaft an den Ae vum Här Minister ass. Dës Ausbildung vun 3 op 1 Joer „erofzeschrauwen“ ass net nëmmen eng enorm Ofwäertung vun dësem esou wichtege Beruff, mee och e Mangel u Respekt a Wäertschätzung par rapport zu all deene Leit, déi an dësem Beräich um Terrain schaffen, a virun allem zu den Adressaten, déi Dag fir Dag vum Erzéier encadréiert ginn. D'Beruffsbild gëtt domat massiv geschiedegt.

Net ze schwätze vun de Patronen an Institutiounen, déi an Zukunft de Choix tëschent engem Erzéier mat 1 oder 3 Joer Formatioun hunn. Riskéiere mir net eng „2-Klassen-Erzéiergesellschaft“ ze kreéieren an ze promovéieren an ee Grupp vu vir eran ze benodeelegen?

Mir ginn d'Gefill net lass, dass et hei leider just ëm d'Quantitéit an net ëm d'Qualitéit vun dëser Ausbildung geet! E Manktem un Erzéier dierf net duerch geréngqualifizéiert Personal kompenséiert ginn! Den Educateur ass an eiser Gesellschaft méi wichteg wéi jee virdrun. Spéitstens säit der Pandemie misst jiddwereen dat realiséiert hunn. Wie muss net op eng Crèche, Maison Relais oder en Altersheim am Alldag zeréckgräifen, fir nëmmen e puer classesch Beispiller ze nennen. Guer net ze schwätze vun deene manner bekannte Beräicher, wéi Ateliers protégés, Jugendhaiser, Kompetenzzentren an Heemer, wou den Erzéier fir d'Wuel vun der Allgemengheet schafft. D'Realitéit um Terrain an d'Ufuerderungen un den Erzéier ginn ëmmer méi komplex. Wëlle mir d'Qualitéit vun dëser Ausbildung wierklech esou reduzéieren an an engems dës Beruff esou ofwäerten? Ganz nom Motto „Dat ka jo jiddwereen“. Erzéier sinn oder ginn ass keen Hobby! Den Erzéier ass eng pedagogesch Fachkraaft, där hir Plaz an eiser Gesellschaft endlech soll unerkannt ginn, an dat lassgeléist vum Cliché „bastelen“ a „spillen“! Et gëtt héich Zäit, d'Qualitéit am edukativen a sozio-educative Beräich erëm an de Vierdergrond ze stellen, an dat, andeem mir zesammen no realistesch Léisunge sichen, amplaz duerch eng Volonté politique e Projet oktroyéiert ze kréien, ouni sech mat allen Akteure vum Terrain ofgeschwat ze hunn!

Wie wëll en Infirmier, e Coiffeur oder e Pilot, deen net déi ganz Ausbildung absolvéiert huet? Bildung a Léiere brauchen Zäit! Mir hale weiderhi fest un engem qualitativ héichwäertege Bildungsweg a schwätzen eis dofir kategoresch géint dës Projet aus!

De Comité de la Conférence vum LTPES